



**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°4734
vum 9. September 2026 vun den éierewäerten Deputéierten André Bauler et Luc Emering**

1. Wéi vill Betriber hu bei der Ausfallversécherung matgemaach, opgeschlésselt op Betriber an op d'Fläch?

Am Ganze waren 884 Betriber verséichert. Dobäi kann ee Betrib verschidde Policen ofschléissen an tëschent verschiddene Versécherungsforme wielen, vun enger Engforenversécherung (nëmmen Hagelsécherung) bis hin zu enger Méigeforversécherung.

- ➔ Wäibau: 137 Betriber, 870 ha assuréiert
- ➔ Landwirtschaft: 747 Betriber, 48 318 ha assuréiert

Eng Opschlësselung no de Kulturen ergëtt folgend Bild:

Kultur	ha
Kären	16 706
Uelegplanzen	2 346
Mais	10 317
Hülsenfrüchten	373
Gréngland	17 337
Gromperen	306
Fudder- /Energiepflanzen	83
Aner Kulturen	656
Drauwen	871
Geméis (inkl. Äerdbieren)	203
Uebst	6

2. Vu datt de Staat 65% vun de Käschte bei der Ausfallversécherung iwwerhëlt, wéi vill war dem Staat seng Kontribution insgesamt?

Fir d'Joer 2026 gëtt d'Contributioun vum Staat op ronn 5,9 Milliounen Euro geschat. Déi definitiv Ofrechnung ass nach net vum Assureur erstallt.

3. Wéi vill Betriber si géint Frascht respektiv géint Dréchent verséichert?

Am Wäibau sinn 118 Betriber géint Frascht verséichert an bei de landwirtschaftleche Betriber sinn et der 673.

Am Wäibau sinn d'Riewen als laangjäreg Dauerkulture net géint Dréchent versécherbar.

Vun de landwirtschaftleche Betriber hu 579 eng Versécherung géint Dréchent ofgeschloss.

2026 waren insgesamt 22 688 ha géint Frascht, an 37 416 ha géint Dréchent verséichert.

4. Wei vill Schued gouf bis elo beim Gréngland gemellt? Sinn hei scho Suen ausbezueelt ginn?

Gréngland ass eng „Indexversécherung“. Bei dëser Indexversécherung gi keng individuell Schied gemellt. Op Basis vu lokale Wiederdonnéeën vun den offiziellen Wiederstationen gëtt ermëttelt, ob eng Dréchent geméiss de Versécherungskonditiounen virlooch. Falls dat de Fall ass, ginn automatesch all betraffe Verträge berécksiichtegt an eng Entschiedegung ausbezueelt.

2026 waren 17 337 ha Gréngland géint Dréchent verséichert, dat ware ronn 23% vum Gréngland zu Lëtzebuerg.

Aktuell ginn déi lescht Berechnunge gemaach an am Mount Oktober ginn d'Schied ausbezueelt. No den aktuelle Schätzungen belafe sech d'Entsiedegungen op ronn 2,5 Milliounen Euro, mat enger Tendenz no uewen.

5. Wéi vill Schued antizipéiert d'Madamm Ministesch bei den Akerkulturen a wéi vill kréien déi concernéiert Betriber, déi géint Dréchent verséichert sinn, ausbezueelt?

Beim Akerland gouf bei 502 Policen e Schued gemellt. Dovun ass a 17% vun de Fäll kee signifikative Schued zeréckbehale ginn. Bei 73% vun dësen Policen ass e gréissere Schued festgestallt ginn, op dëse Parzellen gëtt och eng Entschiedegung bezueelt. Déi reschtlech 10% vun de gemellte Schied sinn nach an der Bearbechtung. D'Gesamtzomm vun de bis elo ermëttelten Entsiedegungen beleeft sech op ronn 4 544 000 €.

Lëtzebuerg, den 9. Oktober 2026

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau